

Associatioun "eran, eraus... an elo?" wëll Prisongssituatioun veränneren

Vum Eric Ewald (Radio)|Update: 29.01.2020 13:02|3 Commentaire(n)



Fir „eran, eraus... an elo?“ wär d'Situatioun an de Prisongen hei am Land mat där a Frankräich ze vergläichen.

Obwuel de Justizministère zanter 7 Joer a grénger Hand ass, huet sech un der Prisongssituatioun am Land näischt geännert: Dee Constat ass vun der Associatioun „eran, eraus... an elo?“, dee Leit regroupéiert, déi sech fir d'Justiz an de Strofvollzuch zu Lëtzebuerg interesséieren.

Mat 113,6 Prisonéier pro 100.000 Awunner hätt de Grand-Duché, am Verglach mat eisen Nopeschlänner, déi héchst Zuel u Leit am Prisong. Frankräich kéim op 103,5, d'Belsch op 98 an Däitschland op 77,5 Prisonéier pro 100.000 Awunner. An d'Zukunft kuckt d'Associatioun och net mat Optimissem.

An hiren A kéint d'Lag nämlech nach méi schlëmm ginn, wann de Prisong zu Suessem bis op ass. Hei am Land géif nach ëmmer an der Haaptsaach op Repressioun gesat ginn, wougéint aner Länner op aner Weeër géife goen, fir d'Kriminalitéit op laang Siicht ze beaflossen.

„eran, eraus... an elo?“ illustréiert säi Schreiwes un eng 50 Leit an Associatioune mat enger Comic-Geschicht mam Titel „La clé est ailleurs“, déi d'Problemer vu Prisonéier a Frankräich virun Ae féiert.

Woubäi d'Suergen zu Lëtzebuerg quasi déi Selwecht wäeren. An där BD geet et ëm e jonke Mann, dee wéinst Drogen an de Prisong kënnt. 38 Prozent vun de Prisonéier am Hexagon, déi zanter manner wéi 6 Méint sëtzen, wäeren an deem Fall, spréich ofhängeg. D'Majoritéit vu Prisonéier wäere jonk Männer aus sozial benodeelegte Milieuen. Virzejoert wäeren d'Prisongen a Frankräich an der Moyenne zu 140 Prozent beluecht gewiescht, dat heescht iwwerbevölkert, soudass ëmmer Neier géife gebaut ginn. Dat bréngt mat sech, dass déi ëmmer méi géife gefëllt ginn, amplaz d'Problemer unzegoen.

De Prisong géif och déi sozial Facteuren, déi d'Kriminalitéit favoriséieren, méi schlëmm maachen, an 59 Prozent vun de Leit, déi aus dem Prisong erauskommen, géife bannent 5 Joer nees verurteelt ginn. A Finnland, Schweden an Holland géif een dogéint méi op Preventioun setze wéi op Repressioun. Déi skandinavesch Länner géifen de Prisong als en deiert Mëttel ugesinn, fir Délinquanten nach méi kriminell ze maachen. A Frankräich géif en Dag am Prisong 105 € kaschten. Fir en Dag mat engem elektronnesche Bracelet géifen iwwerdeems nëmmen 10 Euro ufalen.

regru

-30.01.2020 12:12

Sou laang der mat zwee Féiss um Buedem bleift an net lues a lues aus Tätern, Victimme maacht.

Dat hëlleft kengem!

De_Popst

-29.01.2020 17:19

Als Nët-Résidents hei veruerteelt an dann an hirt Land zereck an de Prisong. Da géif verschiddener Domheet vergoen an mir hätte vill Suen gespuert.

Robb_K

-29.01.2020 16:27

Eng Persoun déi just wéinst Drogekonsum an de Prisong komm ass, wärte mir zu Schrasseg net fannen. Do stëcht oft nach méi hannendrun.

An dann heescht et, mir hätten op 100.000 Awunner 113.6 Leit am Prisong. Wéivill Leit dovunner sinn dann Lëtzebuurger oder Résidents? Et kann een och soen, dass d'Police a Justiz hei am Land méi efficace schafft wéi am Ausland, an dofir eis Zellen besser gefëllt sinn. Oder d'Gefor vu baussen ass méi grouss wéi an eise Nopeschlänner. An

et wier an dem Kontext wirklech interessant ze wëssen, wéivill "Nët-Résidents" zu Schraaseg setzen. A wéi een bei esou Täter Präventiounsmaßnahmen wëll uwenden, ass mir e Rätsel. Do fällt engem dach spontan just "Grenzen zou" an. Et kéint een awer och vläicht Flyeren an Osteuropa verdeelen. Oder?

<https://www.rtl.lu/news/national/a/1462756.html#comments>